

# Eis Veräiner
# Nos associations

**GEMENG KIISCHPELT**

Administration communale Kiischpelt






Chers concitoyens, chères concitoyennes,

La vie associative est un élément important de notre société. Elle permet aux gens de se réunir entre eux pour pratiquer leur hobby commun, d'être créatif et de travailler ensemble. Nos associations sont un facteur social important et favorisent l'intégration et la cohésion au sein de la société.

En outre, elles animent notre commune avec leurs manifestations et événements, qui constituent un point de rencontre pour petits et grands, et elles contribuent à maintenir et à perpétuer les traditions.

Nous nous estimons heureux d'avoir dans notre commune de Kiischpelt une vie associative très animée avec de nombreuses associations qui s'engagent dans le domaine du sport, de la culture et d'autres activités de loisirs.

Malheureusement, elles aussi ont été fortement touchées par la crise de Corona et les restrictions qui en ont résulté, et leurs activités ont été fortement réduites ou ont cessé.

Pour vous faire connaître nos associations, nous avons créé ensemble cette brochure dans laquelle elles présentent leurs activités.

Une association vit grâce à ses membres et à l'engagement dont ils font preuve. Si vous aussi souhaitez vous engager, n'hésitez pas à contacter les membres des associations.

Je profite également de l'occasion pour remercier tous les bénévoles pour le travail et le temps qu'ils consacrent à faire vivre nos associations et à leur assurer un avenir.

# VIRWUERT



**Yves Kaiser**

Buergermeeschter vun der Gemeng Kiischpelt

Maire de la Commune de Kiischpelt

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

D'Veräinsliewen ass e wichtege Bestanddeel vun eiser Gesellschaft. Hei treffe sech d' Leit ënnertenee fir hirem Hobby gemeinsam nozegoen, sech mat anere Leit auszetauschen, zesummen ze schaffen a kreativ ze sinn. Eis Veräiner sinn e wichtege soziale Faktor a férderen d' Integratioun an den Zesummenhalt an der Gesellschaft.

Do derniewent beliewen si d' Gemeng mat hire Manifestatiounen an Evenementer, déi en Treffpunkt fir Grouss a Kleng sinn an droen derzou bäi, datt Traditiounen erhale bleiwen a weider gefouert ginn. Mir si frou, datt mir hei bei eis an der Gemeng Kiischpelt engt ganz animéiert Veräinsliewe mat ville Veräiner hunn déi sech am Sport, der Kultur oder anere Fräizäitaktivitéiten engagéieren.

Leider sinn och si ganz staark vun der Pandemie an den doraus folgende Restriktioune getraff ginn an d' Aktivitéiten an de Veräiner si staark zeréckgefuer ginn oder ganz zum Erleeë kommen.

Fir iech eis Veräiner méi no ze bréngen hu mir zesumme mat hinnen dës Broschür opgestallt, wou si sech an hir Aktivitéite virstellen.

E Veräin lieft vu senge Memberen an dem Engagement dat si matbréngen. Wann dir och Interesse hutt iech ze engagéieren, dann zéckt net a mellt oder ëmfrot iech bei engem vun de Veräinsmemberen.

Ech wëll op dëser Plaz och dervu profitéiere fir all de Benevolle Merci ze soe fir hir Aarbecht déi si leeschten an déi Zäit déi si opbréngen, fir datt eis Veräiner liewen a weider eng Zukunft hunn.

# Äischer Buerg

## Déi Äischer halen un der Traditioun vum Buergbrenne fest

Traditiounsgemäß gëtt deen éischte Faaschtesonndig, dem Sonndig no der Fuesent de Buergsonndig zelebréiert.



Dëst éischter heednescht Ritual zur Verdreiwung vum Wanter ass ee fest verankerten Termin am kulturelle Liewe vun eiser Gemeng. Et ass eng Traditioun fir de Wanter ze verabschiden, well eigentlich sollen domat déi béiss Wantergeester verjot ginn.



Op Buergsamsdig a Buergsonndig gëtt am Duerf brennbaart Material gesammelt an dann als Buerg op der Schleckt, engem Hiwwel am Duerf, opgebaut. Bei Abroch vun der Däischtert gëtt d'Buerg ugefungen an den Owend bei enger Zopp an engem Patt mat den Awunner verbruecht.

Sou gëtt deemno probéiert de Wanter ze verjoen a Kenner behaapten, dass ee mam Feier d'Wieder vum Fréijoer viraussoenkann: “Wéi den Damp op Buergsonndeg geet, sou geet en de ganze Virsummer”.





# Les Enscherangeois tiennent à la tradition du « Buergbrennen »

Cette tradition a lieu le premier dimanche de carême, vers la fin de la période de carnaval. La fête des brandons est plutôt une coutume païenne et symbolise larenaissance du printemps qui chasse l’hiver.

Cette fête, célébrée depuis des décennies dans notre commune, annonce la victoire prochaine de la chaleur sur le froid.

Construits avec de la paille, des branchages, des morceaux de bois, des palettes de bois ou des sapins de Noël, récoltées dans le village, la «Buerg» prend toutes les formes possibles avant d’être allumée le soir du « Buergsonndig » sur la colline de la « Schleckt».

Le “Buergbrennen” est toujours l’occasion de retrouvailles et attire les gens du village. On y vient aussi pour déguster une soupe et boire par temps froid une « Drepp ».

**Contact :**
Daniel Boumans
dboumans@pt.lu



# ÄISCHER POMPJEEËN ASBL

D' "Äischer Pompjeeën asbl" gouf de am Februar 2010, zwecks Ënnerstëtzung vu de lokale Pompjeeë gegrënnt.

Säit hirer Grënnung am Joer 1891 sënn déi Fräiwëlleg Pompjeeë vu kenger kierchlecher oder weltlecher Manifestatioun um Duerf ewechzedenken. Fir d'Pompjeeën op dësem Niveau ze entlasten, hu sech Membere souwéi Ënnerstëtzer vum Corps zesumme gedinn an d' "Äischer Pompjeeën asbl" gegrënnt.

Duerch d'Reform vun de Rettungsdingster am Joer 2018 gouf aus dem Corps Kiischpelt de CIS (Centre d'intervention et de secours) Kiischpelt deen dem CGDIS (Corps Grand-Ducal d'Incendie et de Secours) ënnerstalt ass. Zu dësem Moment gouf dann och d'Veräinsliewe vum operativen Deel getrennt. Eis Organisatioun ass deemno ee rechtlich eegestännege Veräin a keen Organisatiounszweig vum CIS Kiischpelt.

Ween d'Pompjeeën onmëttelbar ënnerstëtze wëll ass bei der Asbl genee richtig. Selbstverständlich ass dëse Veräin net gegrënnt gi fir déi grondsätzlich noutwenneg Uschafunge wéi zum Beispill Asazgefierer oder Ausrëstungsgéigestänn ze erméiglichen. Heifir ass de CGDIS op nationalem Niveau zoustännig. Et ginn donieft awer finanziell Opwendungen déi kënnen oder dierfen hei net iwwerholl ginn. A genau dëst Lach schléisst d'Asbl a suergt fir eng optimal Ënnerstëtzung vun der Aarbecht vun de Pompjeeën.

De Veräin hutt zudeem d'Missioun de soziale Kontakt tëscht den aktiven an net aktive Membere vum CIS ze erhalen. Sou si mir op ville lokalen Evenementer aktiv, realiséiere Projeten zesummen, bekëmmeren eis ëm d'Gerance vum Sall am Pompjeesbau an gi reegelméissig zesummen op Studierees.

Sollt Dir selwer Interessi hunn der "Äischer Pompjeeën asbl" bäizetrieden oder eis ze ënnerstëtzen, da mellt Eech einfach bei eis. All Support a Matwierken ass Wëllkomm.





L'asbl "Äischer Pompjeeën" a été créée en février 2010 pour soutenir les pompiers locaux.

Depuis leur création en 1891, les pompiers volontaires font partie intégrante de la vie quotidienne, que ce soit lors d'événements religieux ou profanes. Afin de décharger les pompiers, des membres ainsi que des fidèles se sont réunis et ont fondé l'"Äischer Pompjeeën asbl".

Suite à la réforme des services de secours en 2018, les pompiers du Kiischpelt sont devenus le CIS (Centre d'intervention et de secours) Kiischpelt, qui dépend du CGDIS CGDIS (Corps Grand-Ducal d'Incendie et de Secours). C'est à ce moment-là que la vie associative a été séparée du domaine opérationnel. Cette organisation est donc une association juridiquement indépendante et enregistrée, et non une branche organisationnelle du CIS Kiischpelt.

Si vous souhaitez soutenir directement les sapeurs-pompiers, l'asbl est la bonne adresse. Il va de soi que cette association n'a pas été créée dans le but de permettre des acquisitions fondamentalement nécessaires, comme par exemple des véhicules d'intervention et des pièces d'équipement. C'est le CGDIS qui s'en charge au niveau national. Il y a cependant des dépenses financières qui ne peuvent ou ne doivent pas être prises en charge. L'association de soutien comble cette lacune et assure un soutien équilibré du travail des sapeurs-pompiers.

L'association a également pour mission de maintenir le contact social entre les membres actifs et non actifs du CIS. Nous participons activement à de nombreuses manifestations locales, nous réalisons des projets en commun, nous nous occupons de la gestion de la salle des fêtes du local des pompiers et nous partons régulièrement en voyage d'étude ensemble.

Si vous êtes intéressé à devenir membre de l'"Äischer Pompjeeën asbl", n'hésitez pas à nous contacter. Tout soutien est le bienvenu.

**Contact :**
Daniel Boumans
info@aischerpompjeeen.lu



# BUERGFRËNN KAUTEBAACH

## Dëse Veräin brennt net nëmmen d'Buerg

Den Veräin "Buergfrënn Kautebaach" gouf am Joer 2015 gegrënnt. D'Absicht vun dëser jonker A.s.b.l. war et d'Duerfleit aus der aler Gemeng Kautebaach zesummen ze bréngen, andeems si flott Evenementer organiséieren. Dat haaptsächlecht Ziel, wéi den Numm et verréit, war ee gemeinsaamt Buergbrennen vir déi dräi Dierfer, Alschent, Mäerkels a Kautebaach. Natierlech waren och aner Leit aus aneren Gemengen/Dierfer op den Manifestatiounen wëllkomm.

Zousätzlech zum rituellen Buergbrennen, sinn iwwert déi verschiddden Joren, nach eng Réi un weider Evenementer am Agenda vum Veräin derbäi komm. Sou gëtt klassesch den 1. Mee zesummen den Meekranz gemaach, wéi och d'Kiermes am Summer zu Kautebaach op der Duerfplaz zesummen gefeiert. Am spéiden Fréijoer gëtt zousätzlech zu den klasseschen Manifestatiounen, een flotten Fussballdarts-Turnéier fir Grouss an Kleng organiséiert. Duerch déi bekannten Corona-Mesuren war den Veräin gezwongen een Joer Paus ze maachen. Dofir freeën sech d'Buergfrënn Kautebaach awer nach méi, déi nächsten Joren een änlechen Programm wéi soss an nach weider flott Manifestatiounen zesummen mat iech kënnen ze erliewen.

Bei der Grënnung vun der A.s.b.l. waren d'Memberen just aus der aler Gemeng Kautebaach, mee mëttlerweil ass dëst net méi esou. Den Veräin huet net nëmmen Freed un sengen eegenen Manifestatiounen, mee hëlt och gären zesummen un aneren Evenementer vun aneren Veräiner deel. Bei den Buergfrënn Kautebaach ginn Frëndschaft, Zesummenhalt an Freed ënnert den Memberen immens Wäert geschätzt. Natierlech freeën si sech awer och iwwert all neien Member deen mat neien Iddi'en an positiver Energie mat derbäi wëll sinn.

Wann dir gären een Deel vun dësem flotten Veräin wëllt sinn oder just bei verschiddenen Evenementer gären eng Hand mat upaken wëllt dann mellt iech bei den Buergfrënn Kautebaach.



L'association a été créée en 2015. L'objectif de cette jeune A.S.B.L est de rassembler les habitants des villages de l'ancienne commune de Kautenbach en organisant des évènements.

L'objectif principal, comme le nom l'indique, est d'organiser un "Buergbrennen" (fête des brandons) commun aux villages d'Alscheid, Merkholtz et Kautenbach.

En plus du "Buergbrennen", d'autres manifestations sont venues s'ajouter à l'agenda de l'association au fil des années. Le premier mai, une couronne de mai est confectionnée ensemble et la kermesse de Kautenbach est célébrée sur la place du village.

En outre, à la fin du printemps, un "Fussball-Dart" est organisé pour les petits comme les grands. Les mesures Corona ont contraint l'association à faire une pause d'un an. C'est pourquoi les "Buergfrënn Kautebaach" se réjouissent d'autant plus de mettre sur pied un programme similaire à celui des années précédentes et de continuer à vivre des événements avec vous.

Lors de la création de l'A.S.B.L, les membres étaient uniquement issus des villages de la commune de Kautenbach. Aujourd'hui, les membres viennent de toute la commune et même au-delà. L'association n'organise pas seulement ses propres manifestations, mais participe également aux événements organisés par d'autres.

Les "Buergfrënn Kautenbach" accordent une grande importance à l'amitié, à la cohésion et à la joie entre les membres. Nous nous réjouissons de l'arrivée de tout nouveau membre qui souhaite apporter son aide avec une énergie positive et de nouvelles idées.

Si vous souhaitez faire partie de notre équipe ou participer à l'une de nos manifestations, n'hésitez pas à nous contacter

**Contact :**
buergfrennkautebaach@gmail.com

# CIS KIISCHPELT

Mir sinn de CIS Kiischpelt, fréier besser bekannt als fräiwëlleg Pompjeeën, an haut och nach als CGDIS.

Mir sinn aktuell 19 aktiv Fraen a Männer. Zu eise Missioune gehéiere Mënschen- an Déiererettung, technesch Hëllefsleeschtungen a Brandbekämpfung.

Fir ëmmer um neiste Stand ze sinn treffe mir eis 2x pro Mount fir souwuel theoretesch wéi och praktesch Weiderbildung.

Déi vun eis déi Zäit a Loscht hunn treffen sech zousätzlech nach all Méindegowes an der Sportshal fir sech e bëssi fit ze halen.

Wéi een sech onschwéier virstelle kann ass dat eng enorm Aufgab fir eis 19 Fräiwëlleg, dofir siche mir permanent nei Leit fir eis an eise Reien ze ënnerstëtzen, egal ob als Pompjee oder als First Responder.

De First Responder ass een, den an der Gemeng vum 112 ka geruff gi wann eng Persoun sech an enger Noutsituatioun befënnt. Hien kennt op Platz, fir direkt éischt Hëllef ze leeschten, de Rettungsdéngschter eventuell wieder wichteg Informatiounen zoukommen ze loossen, an Zäit bis zu hirem Antreffen ze iwwerbrécken.

Als Chef de centre sinn ech stolz ob meng Leit an ob dat wat se an hirer Fräizäit alles leeschten, egal ob an de Formatiounen oder ob den Asätz.

Mir schaffe mat engem Permanence System, 6 Leit fir d'Pompjeeën an 3 Leit fir de First Responder 24/24 Stonnen, 7/7 Deeg an 365 Deeg am Joer.

Wann s du Loscht hues eis eng Kéier an enger Übung ze besichen, oder einfach just eng Fro hues, da kanns de ganz gären ee vun eis per Mail uschreiwen oder uruffen.








Auparavant, nous étions connus sous le nom “Äischer Pompjeeën” ou “Pompjeeën Gemeng Kiischpelt”, mais depuis la création du CGDIS, nous dépendons de celui-ci sous le nom de CIS Kiischpelt.

Actuellement, nous sommes 19 hommes et femmes actifs qui s’engagent dans le sauvetage de personnes et d’animaux, l’assistance technique et la lutte contre les incendies.

Nous nous réunissons deux fois par mois pour une formation théorique et pratique.
Pour se maintenir en forme, les membres se retrouvent le lundi soir dans la salle de sport pour pratiquer des activités sportives.

Comme vous pouvez l’imaginer, c’est une grande tâche pour nos membres et c’est pourquoi nous sommes toujours à la recherche de nouveaux membres, que ce soit comme pompier ou comme “First Responder”.

Le service “First Responder” est envoyé sur place par le 112 lorsqu’une personne se trouve en situation d’urgence dans la commune. Il prodigue les premiers soins et fait le lien avec les services de secours en attendant leur arrivée et en leur fournissant des informations importantes.

En tant que chef de centre, je suis fier de mon équipe et de ce qu’elle fait en bénévolat, que ce soit lors des formations ou des interventions.

Nous travaillons en système de permanence, avec 6 personnes pour les pompiers et 3 en tant que “First Responder” et ce, 24 heures sur 24, 7 jours sur 7 et 365 jours par an.

Si vous souhaitez assister à l’un de nos exercices ou si vous avez des questions, n’hésitez pas à nous contacter par courriel ou par téléphone.

**Contact :**
Loscheider Dan
(Chef de centre)
dan.loscheider@cgdis.lu
49771-5476

Weimerskirch Sam
(Chef de centre adjoint)
sam.weimerskirch@cgdis.lu
49771-5477



# CHORALE SAINTE CÉCILE PËNSCH

*Sang mat zur Éier vum Herrgott an zur Freed vun de Mënschen.*

Eenzel Sängergruppen aus de 6 Dierfer vun der fréierer Por Pënsch (Äischer, Draufelt, Lellgen, Pënsch, Siwwenaler a Wëlwerwolz) hu sech an de 70er Joren vum leschte Joerhonnert zesumme fonnt, fir als gemëschte Chouerd'Gottesdéngschter ze verschéineren.

Als eenzeg Chorale an der Gemeng Kiischpelt gestalte mir all 1. an 3. Sonndeg am Mount gesanglesch a musikalesch d'Sonndesmass zu Pënsch moies ëm 9.15 Auer. All 2. Mëttwoch ass Prouf vun 19.30 bis 21.00 Auer zu Pënsch um Duxall vun der Kierch. Eise Chouer besteet momentan aus 14 Memberen (9 Fraen, 5 Männer mam Organist) mat engem Duerchschnëttsalter vu 55 Joer.

Bedingt duerch d'Covid-Restriktiounen besteet d'Haaptmissioun vun der Chorale nëmme méi am Matgestalten vun der Sonndesmass, dernieft sange mir och bei Begriefnisser an Hochzäiten.

Zënter November 2015 ass de Cédric Gustin eisen Organist op der historescher Müller-Uergel (1899 II/12) zu Pënsch. Hien huet e "Master didactique en Orgue avec distinction" an zënter Ufank 2021 och déi musikalesch Leedung vun der Chorale iwwerholl. De Repertoire vun der Chorale besteet haaptsächlech aus moderne franséische Lidder, déi zum Deel vum Organist fir 3 Stëmmen arrangéiert ginn (Sopran-Alt-Bariton).

All neie Member, dee Freed um Sangen huet, ass eis wëllkomm. Gären kënn Dir och eise Veräin finanziell ënnerstëtzen CCRALULL LU50 0090 0000 0115 2529.

Fir der Chorale e neien Elan ze ginn, siche mer e neien Dirigent oder Dirigentin mat musikalescher Ausbildung. Bei Interessi kontaktéiert wgl d'Gaby Klein, oder de Francis Helm.

# Chanter à la louange de dieu et au plaisir des hommes.

Les groupes de chanteurs des 6 villages de l'ancienne paroisse de Pintsch (Enscherange, Drauffelt, Pintsch, Siebenaler et Wilwerwiltz) se sont réunis dans les années 70 du siècle dernier pour embellir les services religieux sous forme de chœur mixte.

En tant que seule chorale de la commune du Kiischpelt, nous animons chaque 1er et 3e dimanche du mois la messe dominicale à Pintsch, qui a lieu à 9h15.

Nous répétons chaque deuxième mercredi de 19h30 à 21h à l'église de Pintsch.

Notre chœur se compose actuellement de 14 membres (9 femmes et 5 hommes , y comprisl'organiste) et l'âge moyen est de 55 ans.

En raison des restrictions imposées par le Covid, notre mission principale consiste à embellir les messes dominicales et de chanter lors des mariages et des enterrements.

Depuis novembre 2015, l'organiste Cédric Gustin est organiste titulaire de l'orgue historique Müller (1899 II/12) de Pintsch. Ayant un "Master didactique en Orgue avec distinction" Cédric a également repris la direction musicale du chœur depuis début 2021.

Le répertoire de la chorale se compose principalement de chansons religieuses françaises modernes, certaines ayant été arrangées pour 3 voix par l'organiste. (Soprano-Alto-Baryton)

Tous les nouveaux membres qui ont envie de chanter sont les bienvenus. Vous pouvez également nous soutenir financièrement. CCRALULL LU50 0090 0000 0115 2529

Afin de donner un nouvel élan à la chorale, nous sommes à la recherche d'un chef ou d'une chef de choeur ayant une bonne formation musicale. Si vous êtes intéressés, veuillez contacter Gaby Klein ou Francis Helm.




**Contact :**

Gaby Klein
Assistentin fir d'Chouerleedung
Tel.: 621 153 468

Francis Helm
President faisant fonction
Tel.: 691 839 872




# DT KIISCHPELT

Den DT Kiischpelt-Wëlwerwoltz gouf 1986 gegrënnt an spillt mat sengen Equippen am Lëtzebuerger Dëschtennis Championnat. Praktesch all Spiller wunnen an der Gemeng Kiischpelt oder hunn do d'Deschtennisspille geléiert.

Mir probéieren an enger kollegialer an familiärer Stëmmung d'Freed an den Spaass um Dëschtennis am Jugend- an am Erwuesseneberäich ze vermëttelen.

De Veräi straalt eng eemoleg familiär, locker an onkomplizéiert Atmosphär aus a steet fir e groussen Zesummenhalt ënnert eise Memberen. An eisem Veräi gëtt net nëmmen Dëschtennis gespillt, mee jiddereen, deen an oder ronderëm de Veräin ass, gehéiert zu eiser Famill.

Dëst erlieft een net nëmmen an der Sportshal, mee och dernieft wou schaffen a feieren oft matenee verbonne gëtt.

Eis 1. Equipe spillt aktuell an der 3. Divisioun vum Deschtennis-championnat.

De Moment ëmfasst den D.T. Wëlwerwoltz eng Gesamtzuel vun 20 aktive Memberen.

Eis Matcher si meechtens um Samsdeg Owend um 19:30.

Training mat diploméiertem Training ass Donneschdes ab 19:00 – 20:30 fir Jugendlicher an an Erwuessener.

Le DT Kiischpelt-Wëlwerwoltz a été fondé en 1986 et participe avec ses équipes au championnat de tennis de table de Luxembourg.

Pratiquement tous les joueurs sont domiciliés dans la commune de Kiischpelt ou ils ont y appris à jouer.

Nous essayons, dans une ambiance collégiale et familiale, de transmettre la joie et le plaisir de jouer au tennis de table aux jeunes et aux adultes.

L'association se caractérise par une ambiance familiale et par une grande solidarité entre ses membres. Dans notre club, on ne joue pas seulement au tennis de table, mais aussi les bénévoles qui nous soutiennent, font partie de notre petite famille. Celle-ci n'existe pas seulement dans la salle de sports, mais également en dehors des matchs et entraînements.

On travaille et on fête ensemble avec nos bénévoles.

La 1re équipe est actuellement en 3e division du championnat de tennis de table.

Actuellement, le D.T. Wëlwerwoltz compte un total de 20 membres actifs.

L'entraînement avec un entraîneur diplômé a lieu le jeudi de 19h00 à 20h30 pour jeunes et adultes.

**Contact :**
E-Mail: dtkiischpelt@gmail.com
Facebook: DT Kiischpelt – Welwerwoltz





# FANFARE KIISCHPELT

D'Kiischpelter Musik, offiziell „Fanfare Kiischpelt asbl", ass 1968 vun enger Rei Museksfrënn gegrënnt gin an ass also am beschten Alter vun 53 Joer. Natiirlech huet de Veräin schon sou munneg Héichten an och manner schéin Zäiten hannerou sech. Och die aktuell Pandemie huet hir Spuren bei eis hannerloos.

Awer mir als e klenge lokale Verain loossen eis net ënnerkréien an treffen eis (rem) émol an der Woch fir Musekstecker anzeprouwen déi mir, iwwert Joer verdeelt, op verschiddenen Concerten, lokal a regional, présentéieren.

Dernieft spille mir eemol am Joer, meeschtens sou ëm Ouschteren, e Galaconcert. Austauschconcert'en mat Nopeschmusiken an e Concert an der Stadt op der Place d'Armes oder op der Musel stinn och alt mol um Programm.

Dernieft organiséiere mir di eng oder anner Manifestatioun wi z. B. en Träipendaag den éischten Sonndig am Februar an och aaner net musikalesch Aktivitéiten an eisen Dierfer, fir eis Keess an der Riicht ze haalen an och d'Gesellechkeet ze förderen.

D'Präsenz bei offiziellen Uläss (Fackelzuch fir Nationalfeierdag, Journée commémorative, Aweihungen, etc) respektiv och bei kirchlichen Feieren dierfen natiirlich nëtt feelen. An net ze vergiessen eis legendär „Hämmelsmärsch" fir d'Kiermessen an den Dierfer vun eiser Gemeng .

Hutt dat iech viirwëtzig gema an dir sidd um Musizéieren interesséiert, dir spillt oder hutt eventuell en Instrument gespillt a wierd bereet daat rëm unzegoen, da sidd dir bei eis genau richtig.

Mellt iech bei eis fir an engem klenge mee flotten Ensembel Musik ze maachen an gesellech Stonnen zesummen ze verbrengen.




La Fanfare Kiischpelt asbl, a été fondée en 1968 par un petit groupe d'amis de la musique et a donc atteint l'âge de 53 ans. Evidemment, la fanfare a vécu beaucoup de hauts et forcément de bas durant son demi-siècle de vie. L'actuelle pandémie laisse aussi ses traces chez nous.

Néanmoins, en tant que petite société de musique locale, nous ne voulons pas résigner et nous nous rassemblons (de nouveau) une fois par semaine pour répéter les répertoires musicaux qui seront présentés lors de diverses manifestations locales et régionales au cours de l'année. Une fois par année, autour des fêtes de pacques, nous présentons notre concert de gala, des concerts d'échange chez les sociétés de musiques avoisinantes et un concert à la Place d'armes à Luxembourg-ville ou à la Moselle sont de mise.

En sus des points fixes de notre programme, nous organisons des manifestations non-musicales comme notre « Träipendaag » (journée du boudin noir) chaque premier dimanche du mois de février et bien d'autres pour garder notre caisse en équilibre et soigner la convivialité. Il va sans dire que la Fanfare Kiischpelt participe à plusieurs manifestations officielles (fête nationale, journée commémorative, inaugurations etc) respectivement à des cérémonies relégieuses, pour assurer l'encadrement musical. Et n'oublions pas les légendaires «Hämmelsmärsch» dans les localités de la commune à l'occasion des kermesses locales.

Nous avons éveillé votre intérêt et vous êtes intéressé à jouer de la musique? Vous êtes toujours actifs ou vous avez joué un instrument et vous recherchez une opportunité à reprendre cette activité, alors nous pourrons être votre partenaire.

Alors prenez contact avec nous ou rejoignez nous afin de devenir musicien(ne) actif(ive) au sein d'un petit ensemble musical et de passer des moments agréables dans une atmosphère amicale et détendue, souvent accompagnés d'un bon verre.

**Contact :**
André Sassel
5, Cité Pënscherbierg
L-9776 Welwerwolz
Tél. : 621 15 86 60
asassel1@pt.lu

Gerry Flick
2, Enneschte Wée
L-9767 Pënsch
Tél: 621 27 11 61
gerardfl@pt.lu

Marcel Bernabei
18, an Aasselbaach
L-9776 Welwerwolz
Tél: 621 420 570
marcel.bernabei@gmail.com




# FC KIISCHPELT

Den FC Kiischpelt Wëlwerwolz gouf den Abrëll 1962 ënnert dem Numm Union Sportive Wilwerwiltz gegrënnt, an ass duerno den FC Kiischpelt Wëlwerwolz ginn. Et ass ee klenge Veräin deen all Héichten an Déifte matgemaach huet.

An der Zäit hate mir och Jugend-Equippen, mee leider krute mir net méi genuch Spiller zesumme fir selwer Jugend-Equippen ze maachen.

Haut schaffen mir mam FC Wolz 71 an alle Jugendkategorien zesummen. Aktuell hunn mir nach 2 Seniors-Equippen , also eng 1. Equipe an eng 2. Equipe déi Championnat spillen. Mir trainéieren ëmmer Dënsdes an Donneschdes vun 19.30 Auer un.

D'Jugend-Equippen trainéieren zu Wolz.
Eng Veteranen-Equipe hunn mir och, dat si Spiller iwwert 33 Joer déi Frëndschaftsmatcher spillen an duerno zesummen lesse ginn.

Eis Equippen bestinn haaptsächlech aus Spiller aus eiser Gemeng oder déi an eiser Gemeng gewunnt hunn. Ee groussen Deel besteet aus Spiller déi bei eis an der Jugend gespillt hunn. Mir hunn eng ganz gutt Stëmmung an eisen Equippen.

Säit 2018 hu mir een neie Futtballsterrain kritt wou mir ganz stolz drop sinn an der Gemeng ee grousse Merci soen an och fir all déi Aarbecht déi nach haut um Terrain gemeet gëtt.

Vill Equippen beneiden eis wéinst der schéiner Anlag.

Den FC Kiischpelt Wëlwerwolz organiséiert all Joer ee Fuesowend op Fuessamsdes am Centre Communal zu Wëlwerwolz. Mir hëllefen all Joer um Konstfestival zu Lellgen. Mir hëllefen iwwerall wou mir gefrot oder gebraucht ginn.

Mir schaffen alleguer am Benevolat. Duerfir kommt bei eis wann Dir Intresse hutt , als Spiller , als Comitésmember oder als Benevole. Jiddereen ass wëllkomm.

**Contact :**
Schmitz Romain
Email : romschm@pt.lu
GSM : 691 92 96 77

Le FC Kiischpelt Wëlwerwolz a été fondé au début de l'année 1962 sous le nom de "Union sportive Wilwerwiltz".

Il s'agit d'une petite association qui a connu des hauts et des bas.

Au passé nous avons eu des équipes de jeunes mais malheureusement par manque de joueurs nous ne pouvons pas en proposer pour le moment. C'est pourquoi nous collaborons avec le FC Woltz 71 dans toutes les catégories de jeunes.

Actuellement, nous avons deux équipes seniors, première et deuxième, qui jouent au championnat. Nous nous entraînons les mardis et jeudis à partir de 19h30. Les équipes de jeunes s'entraînent à Wiltz.

Nous avons aussi une équipe de vétérans. Les joueurs âgés de plus de 33 ans, jouent des matches amicaux et passent la soirée ensemble autour d'un repas.

Nos équipes sont composées en grande partie de joueurs qui vivent dans la commune ou qui en sont originaires. Beaucoup d'entre eux ont déjà joué chez nous lorsqu'ils étaient jeunes. Nous avons une très bonne ambiance dans nos équipes.

Depuis 2018, nous jouons sur un nouveau terrain de foot dont nous sommes très fiers et nous remercions la commune et tous ceux qui se sont investis dans la création du terrain.

Beaucoup d'équipes nous envient pour la beauté de l'installation.

Le FC Kiischpelt Wëlwerwolz organise tous les ans une soirée de carnaval au Centre Communal à Wilwerwiltz. En outre, nous participons chaque année au Konstfestival à Lellingen.

Nous nous engageons là où on nous demande et où on a besoin de nous et ceci dans le bénévolat.

Rejoignez-nous si vous le souhaitez, que vous soyez joueur, membre du comité ou bénévole. Tout le monde est le bienvenu.





# FIT&FUN KIISCHPELT

Gegrënnt gouf de Veräin am Januar 2018 mam Ziel fir Leit zesummen ze bréngen, an ee Cours unzebidden dee mat Musek, Danz a Sport fit hält. Eise Comité besteet aus 5 Memberen an et sinn eng Ronn 30 Leit pro Trimester ageschriwwen déi aus dem ganze Norden bei eis kommen.

Mir bidden Dënstes vun 20:00 bis 21:15 Auer Dance-Fitness-Coursen un, déi zu Wëlwerwolz an der Sportshal statt-fannen.

De Mindestalter fir matzemaachen läit bei 16 Joer.

Coronabedingt konnte mir eis Coursen déi läscht zwee Joer just mat Aschränkungen ubidden, mee mir hoffen datt mir an Zukunft erëm wéi gewinnt kënnen zesummen danzen.

Beim Dance-Fitness fannt dir vill Beweegungen aus Jazzdance, HipHop a Latäin-Amerikanesch Dänz wéi Chacha-cha oder Samba a villes méi, fir är Ausdauer a Muskelen ze trainéieren.

De ganze Cours besteet aus 50 Minutten Dance-Fitness, 15 Minutten Übungen fir „Bauch-Beine-Po“ an 10 Minutten Stretching.

Zousätzlech zum Dance-Fitness bidde mir ab dem 21. Abréll 2022 Partnerdanz am Centre Culturel zu Kautebaach un.

Falls dir intresséiert sidd bei engem vun eise Coursen matzemaachen, zeckt net a mellt eech beim Sarah Mousty-Stamet um 691 458 998.

**Contact :**
Sarah Mousty-Stamet
Tél. : 691 458 998



Notre association a été fondée en janvier 2018 avec le but d'offrir un cours qui permet de garder le fitness en combinant la musique, la dance et le sport.

Notre comité se compose de 5 membres et nous avons environ 30 inscriptions par trimestre. Les participants ne viennent pas uniquement de notre commune, mais de nombreuses autres localités du nord de notre pays.

Nous proposons des cours de Dance-Fitness, tous les mardis de 20h00 à 21h15 au hall sportif à Wilwerwiltz et ceci à partir de l'âge de 16 ans.

A cause de la pandémie, nous étions obligés de nous conformer aux restrictions, mais nous espérons de pouvoir danser de nouveau avec vous comme d'habitude.

Le Dance-Fitness se compose de nombreux mouvements de la danse jazz, du hip hop et de la danse latino-américaine comme le chachacha ou la samba et bien d'autres. Elle permet de maintenir et de développer votre endurance et vos muscles.

Le cours entier se compose de 50 minutes de Dance-Fitness, de 15 minutes „Cuisses-Abdos-Fessiers" et de 10 minutes de stretching.

Au-delà du Dance-Fitness, nous proposons un cours de danse de couples à partir du 21 avril 2022 au centre culturel à Kautenbach.

Au cas où un de nos cours vous intéresse, vous pouvez contacter Sarah Mousty-Stamet au numéro 691 458 998 pour avoir des informations supplémentaires.

# FRAEN A MAMMEN

Am Joer 1976 hunn „ d'Äischer Fraen a Mammen" déi éischte Kéier e „Bazar" organiséiert.

Dëse Bazar war ëmmer zu Äischer, am Café an och mol an der Loumillen.

Mir hunn och wärend ville Joren am Dezember een Eesse fir den 3. Alter organiséiert, des Aktivitéit gouf dunn vun der Gemeng iwwerholl.

Aus den „Äischer Fraen a Mammen" sinn dunn 2012 déi „Kiischpelter Fraen a Mammen" ginn.

Mir organiséieren all Joer um Ellesonndeg eise „Bazar", dat heescht e Mëttegiesse mat Tombola am Centre Communal zu Wëlwerwolz.

Dann si mir nach um Haupeschmaart zu Munzen dobäi, wou mir Wafele verkafen.

Beim Quiltfestival pake mir och eng Hand mat un.

All eis Einnamen aus den Aktivitéiten déi mir maachen si fir e gudden Zweck.

Jiddereen dee bei eis wëll matmaache kann sech gäre mellen.

En 1976 les „Äischer Fraen a Mammen » ont organisé pour la première fois un « Bazar ».

Ce Bazar a toujours été organisé à Enscherange au Café ou dans la Loumillen.

Pendant de longues années nous avons aussi organisé une journée pour le 3e âge en décembre. Cette manifestation a été reprise par la Commune de Kiischpelt.

En 2012 le club est devenu les « Kiischpelter Fraen a Mammen ».

Nous organisons chaque année au « Ellensonndeg » notre « Bazar », c'est à dire un repas de midi avec une tombola au centre communal à Wilwerwiltz.

Nous participons aussi au Haupeschmaart à Munshausen, où nous vendons des gaufres et nous participons au Quiltfestival.

Tous les revenus que nous générons lors de nos activités sont reversés à une œuvre caritative.

Toute personne souhaitant nous rejoindre est la bienvenue.

**Contact :**
Petra Huijben
Tél. : 691 423 622






# JEUNESSE KIISCHPELT






D'Jeunesse Kiischpelt ass ee Veräin den 1992 vun der Jugend aus der Gemeng Kiischpelt gegrënnt gouf.

Momentan besteet eise Veräin aus +/- 30 jonken a motivéierte Memberen.

Zu Äischer ass eise legendäre Jeunessesall, och Spillschoul genannt, wou sech eis Memberen treffe fir Eventer ze plangen an hirer Kreativitéit fräie Laf ze loossen.

D'Jeunesse plangt net nëmmen Eventer, mee mir ginn och zesummen op vill verschidden aner Fester, a maachen och gemeinsam Aktivitéiten.

Zu eisen Eventer zielen de Choucroute Owend, d'Buerg, d'Beach Days, de Kleeschen an de Chrëschtmaart.

Wann s du minimum 15 Joer al bass an drun interesséiert wiers een Deel vun eiser Equipe ze ginn, da bass de häerzlech Wëllkomm. Du kanns dech ganz gär op eiser Facebook-säit bei eis mellen.

Kiischpelt
HUHA!










La Jeunesse Kiischpelt est un club des jeunes qui a été fondé en 1992 par des jeunes de la commune de Kiischpelt et qui compte actuellement environ 30 membres jeunes et motivés.

Notre légendaire salle de jeunes, appelée “Spillschoul”, nous permet de nous réunir pour planifier des évène-ments, laisser libre cours à notre créativité et passer un bon temps ensemble.

Nous organisons entre autre le « Chouchroute Owend », la fête des brandons (« Buergbrennen »), les « Beach Days am Kiischpelt », la fête St. Nicolas et un petit marché de noël.

La Jeunesse Kiischpelt n’est pas seulement organisatrice d’évènements, mais nous participons aussi à des soirées et manifestations d’autres associations et faisons des activités entre nous.

Donc si t’as au moins 15 ans, que tout ce qu’on vient de dire te parle et t’es intéressé(e) à devenir membre de notre Jeunesse, tu es le/la bienvenu(e).

Rejoins nous sur notre page Facebook « Jeunesse Kiischpelt » et fais nous un message.

**Contact :**
Jovana Kovacevic
info@jeunesse-kiischpelt.lu



# KIISCHPELTER KLAUTERCHER

Bei eisem Theaterveräin ass den Numm zanter Jorzéngten Programm. Eng bont gemëschten Equipe aus jonken a manner jonken Memberen engagéiert sech all Joër fir sengem Publikum vill Spaass a Freed op der Bühn ze vermëttelen.

Mee net nëmmen Duer-steller a Schauspillerinnen fanne bei eis hier Plaz, mier brauchen och ëmmer Ënnerstëtzung beim Bühnebau, bei Toun an Technik oder dem bekäschtegen vun eisen treien Zuschauer.

Gespillt gëtt am Dezem-ber kuerz virun der Schoulvakanz, d'Prouwen an d'Viirbereedungen lafen am September un. Du gesäiss dech an deng Talenter op, hannert oder virun vun eiser Bühn?

Da mell dech bei eiser Sekretärin Georgette Molitor oder besich eis op Facebook.

Dans notre association de théâtre, le nom est tout un programme. Un mélange de jeunes et de moins jeunes s'engage chaque année pour offrir à son public beaucoup de plaisir et de joie sur scène.

Mais il n'y a pas que les acteurs qui ont leur place dans notre association, nous avons aussi besoin de soutien pour la construction de la scène, le son et la technique et pour nourrir nos spectateurs.

Les représentations ont lieu en décembre, juste avant les vacances scolaires, et les répétitions commencent dès septembre.

Tu vois ton talent sur ou derrière la scène, alors pose ta candidature auprès de notre secrétaire Georgette Molitor ou consulte notre page Facebook.

**Contact :**
Georgette Molitor
Tél. : 92 14 70
rmoli@pt.lu
Facebook



# open air KONSTFESTIVAL

*De Konstfestival zu Lellgen, engt onvergeeslicht Konsterliefnis.*



Den Open Air Konstfestival ass ee multidisziplinäre Festival mam Schwéierpunkt ob Konstaustellungen a Molerei. Parallel dozou gëtt awer och de Fokus op Stroossen- an Zirkuskonst, Objettheater; souwéi Musik gesatmat enger Virléift fir Bloskapellen an éischter atypisch Kënstler.

Am Kader vum Live-Concours notzen Amateurkënstler d'Geleeënheet sech der breeder Ëffentlichkeet ze presentéieren. Fir déi scho méi erfuere Kënstler ass et d'Méiglichkeet, net nëmmen ee grousse Publikum ze begéinen, mä och anner Fachleit, Galeristen a Sammler ze treffen.

Ronn 100 Kënstler huelen all Joer um Live-Concours deel a bidden dem Public déi eemolig Geleeënheet, hinne beim Entstoen vun hire Wierker iwwer d'Schëller ze kucken. De Jury vun dësem Concours, dee mat interessante Präisser dotéiert ass, dorënner der Kiischpelter Lorblumm, ass de Visiteur selwer, deen unhand vun enger Tiercéskaart seng Favoritten aussicht.

All Ausstellungsraum ass mam Numm vum Kënstler gekennzeechent a ka vu jidderengem agesi ginn.

Eng Rei Ausstellungen am ganzen Duerf waarden drop vum Besicher entdeckt ze ginn a lueden op eng Rees an d'Welt vun de Faarwen, Skulpturen a Fotografien an. Kënstlerich Performancen, Musiksgruppen an interaktiv Installatioune begleeden dësen Parcours.

Och d'Art Academy, Workshope fir Kanner a Jugendlicher, encadréiert vu professionelle Kënstler sinn all Joer ausgebucht. Donieft ginn et beléift Ateliere wou déi Klengst spontan kënne matmaachen, wéi Molerei op Sand, Glas, Gipsskulpturen a villes méi.

Déi jonk Kënsteler huele mat Begeeschterung un de verschiddenen Aktivitéiten deel an iwwerraschen net seelen déi Erwuesse mat hirer Kreativitéit.

**Contact :**
info@konstfestival.lu

# Le Konstfestival à Lellingen, une expérience d'art inoubliable.



L'Open Air Konstfestival est un festival pluridisciplinaire avec une dominante pour les expositions d'art et la peinture. En parallèle à ces deux axes principaux, nous y retrouvons aussi les arts de la rue et du cirque, du théâtre d'objets et de la musique avec une préférence pour les fanfares et les artistes atypiques.

Dans le cadre du concours-live, les artistes amateurs profitent de l'occasion de se présenter au public. Pour les artistes les plus expérimentés, c'est une chance de non seulement rencontrer un large public, mais également de faire connaissance avec d'autres professionnels, des galeristes et des collectionneurs.

Une centaine d'artistes participent au concours-live et offrent au public l'unique possibilité de les observer durant la création de leurs œuvres. Le jury du concours-live, doté de prix intéressants, dont la «Kiischpelter Lorblumm», sont les visiteurs eux-mêmes, qui déterminent leurs favoris à l'aide de cartes tiercé.

Grâce à l'ambiance exceptionnelle, le contact avec l'art devient une rencontre spontanée.

Plusieurs expositions à travers le village attendent la visite du spectateur et l'invitent à entamer un voyage dans le monde des couleurs, sculptures ou photographies. Des performances artistiques, des groupes de musique et des installations interactives s'ajoutent au parcours.

Une art academy avec des workshops pour les enfants et adolescents encadrés par des artistes professionnels sont complètes chaque année. Les ateliers pour enfants réjouissent également d'une grande popularité: peintures sur soie, sur sable, sur verre ou sur T-shirt, sculptures en plâtre etc.

Les artistes les plus jeunes participent toujours avec enthousiasme aux différentes activités et pas moins d'adultes se laissent surprendre par la créativité de leur descendance.



# SYNDICAT D'INITIATIVE KIISCHPELT

De Syndicat d'initiative Kiischpelt, "SIK" ass eng Asbl, déi als Haaptzil d'Entwécklung vun den Touristeweeër an d'Promotioun vum Tourismus an der Gemeng Kiischpelt huet.

De SIK ënnerstëtzt déi lokal Veräiner a bedeelegt sech un grousse kulturellen Eventer an der Gemeng.

Fir den Tourismus ze fërderen, bedreift de SIK am Summer en Touristebüro an dréit zur Entwécklung vum kulturelle Liewe bäi.

Ufank Fréijoer invitéiert den SIK d'Kiischpleter Awunner a Veräiner op d'Grouss Botz. Bei dëser gemeinsamer Botzaktioun ginn d'Weeër an d'Bëscher an der Gemeng gebotzt.

Am kënschtleresche Beräich bedeelegt sech de SIK um Open Air Konstfestival, e multidisziplinäre Festival mat engem Fokus op Konscht-ausstellungen a Molerei, souwéi um International Quiltfestival Luxembourg, engem kulturelle Festival mat Ausstellungen an Atelieren zum Thema "Patchwork ".

Säit der Fusioun vun de Syndikater "Wëlwerwolz" a "Kautebaach" Ufank 2022 ënnerhält a moderniséiert de SIK an enker Zesummenaarbecht mat der Gemeng an dem l'Office Régional du Tourisme Éislek d'Wanderweeër vun de 7 Dierfer aus der Gemeng.

All Infos zu eise Wanderweeër, dem Tourismus, eise Sehenswierdegkeeten a kulturellen Highlights an der Gemeng fannt Dir op eisem Website: www.sik.lu.

**Contact :**
Antoinette Lutgen-Lentz
Tim Boumans
info@sik.lu

Le syndicat d'initiative Kiischpelt, « SIK » est une a.s.b.l. qui a pour mission de promouvoir les activités touristiques dans la commune de Kiischpelt.

Le SIK coopère avec les associations locales pour organiser des manifestations culturelles qui ont lieu tout au long de l'année sur le territoire de la commune.

Début printemps, le SIK invité annuellment à la "Gouss Botz", action de nettoyage des chemins et des forêts.

Pendant l'été, le SIK gère un bureau touristique pour accueillir les touristes dans la région.

En particulier, le SIK participe à la manifestation « Open Air Konstfestival », un festival d'art axé sur la peinture et la scuplture, et au « International Quiltfestival Luxembourg », un festival culturel qui se focalise sur les créations « Patchwork ».

Depuis la fusion des syndicats des anciennes communes de Wilwerwiltz et de Kautenbach début 2022, le SI Kiischpelt entretient et modernise les sentiers pédestres des sept villages en étroite collaboration avec l'Administration Communale et l'Office Régional du Tourisme Éislek.

Toutes informations sur les randonnées, le tourisme, nos curiosités et la culture dans la commune sont accessibles sur notre site web: www.sik.lu.









Gemeng Kiischpelt
7, op der Gare L-9776 Wilwerwiltz
www.kiischpelt.lu